# MAMER SCHOULFEST

**Neit Konzept**

## Freideg, den 3. Juli 2026
## vu 16 bis 20 Auer

A.P.E.M.
Association de Parents d'Elèves de Mamer

**Power Show mam Georges Christen**
um 17.30 Auer



Aktivitéiten mat der Amicale des pompiers du CIS Mamer

Animatioun a Spiller fir Grouss a Kleng

Fir Iessen a Gedrénks ass gesuergt

Mat der Ënnerstëtzung vun

Amicale des pompiers du Centre d'Incendie et de Secours Mamer
Association sans but lucratif

CORPS GRAND-DUCAL INCENDIE & SECOURS

arcus Jugendhaus



La fête scolaire est organisée en tant que **Green Event**, reflétant notre engagement en faveur de la durabilité et de la protection de l'environnement. Dans cette optique, nous encourageons tous les participants à privilégier la mobilité douce, comme la marche, le vélo ou le covoiturage, ainsi que les transports publics pour se rendre à l'événement. Ensemble, faisons un pas de plus vers un avenir plus vert en réduisant notre empreinte carbone.

GREEN. EVENTS

## Opruff un Fräiwëlleger fir d'Schoulfest vun der Elterevereenegung vu Mamer

Léif Elteren, léif Fräiwëlleger,

Am Hibléck op eist jäerlecht Schoulfest, dat den **3. Juli 2026 vun 16:00 bis 20:00** Auer stattfënnt, si mir amgaang d'Virbereedungen ze maachen, fir dësen Event zu engem onvergiesslechen Moment fir eis Schüler an hir Familjen ze maachen.

Fir de Succès vun dësem flotte Schoulfest ze garantéieren, brauche mir Är wäertvoll Hëllef als Elteren/Fräiwëlleger. Är Matwierkung ass wichteg, fir déi verschidden Aktivitéiten ze organiséieren an ze betreien.

Hei ass, wéi Dir eis hëllefe kënnt:

- **Opbau:** Mir brauche Hëllef beim Opstelle vun de Stänn, Dëscher a Still an och bei der Dekoratioun virum Ufank vum Fest.
- **Ofbau:** Um Enn vum Dag brauche mir Hëllef fir d'Material opzeraumen an d'Plaz ze botzen.
- **Pâtisserie:** Dir kënnt Kuch, Taarten, Kichelcher, Cupcakes oder aner Pâtisserie matbréngen
- **Don:** Dir kënnt en Don maachen, andeems Dir e Bäitrag op de Bankkonto vun der APEM iwwerweist.

Wann Dir disponibel sidd a bereet sidd eis ze hëllefen, schéckt eis w.e.g. Är Disponibilitéiten virum **26. Juni 2026** iwwer de QR-Code.

| | |
|---|---|
| Opbau | 08:00 bis 10:00 // 10:00 bis 12:00 |
| Botzen an Opraumen | 20:00 bis 21:00 |
| Eng Patisserie matbréngen | Jo / Neen |
| En Don maachen | CCRA LU60 0090 0000 3119 0630 der APEM |

Zesumme kënne mir eise Kanner en onvergiesslech Schoulfest bidden.

Mat beschte Gréiss

A.P.E.M.
Association de Parents d'Elèves de Mamer

Léif Elteren, léif Fräiwëlleger,

Als Organisateure vum Schoulfest si mer eis bewosst, wéi grouss den Impakt vun esou engem Event op eis Ëmwelt ass. Dowéinst hu mir déi néideg Moossname geholl, fir eist Fest méi ëmweltfrëndlech ze gestalten. Fir d'Editioun 2026 hun mir ons Ziel gesat, mam Label „Green Events" ausgezeechent ze ginn. Evenementer, déi ekologesch verantwortlech organiséiert ginn, kréien dëse Label vum Ëmweltministère verliehen.

Fir de Label „Green Events" ze kréien, musse verschidde Konditiounen erfëllt ginn. Dozou gehéieren ënner anerem:

- d'Benotze vu Mehrwegbesteck a Mehrwegbechere fir d'Iessen an d'Gedrénks
- eng bewosst Offalltrennung
- regional, lokal, Fairtrade a biologesch Produkter
- Paperless esou gutt et geet
- d'Benotze vu nohaltege Materialien bei der Gestaltung vum Event,
- d'Erreechbarkeet vum Eventstanduert mam ëffentlechen Transport, mam velo, oder ze fouss
- de covoiturage ass recommandéiert

Fir méi Informationen iwwert Green Event : greenevents.lu

Mat beschte Gréiss

GREEN. EVENTS

APEM Kinneksbond asbl    www.instagram.com/apem_kinneksbond_asbl    apem-asbl@hotmail.com